N°4224
Entrée le 10.06.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 11.06.2026
Chambre des Députés

DEMOKRATESCH PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER

Chamberspresident

LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, den 10 juin 2026

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un Här Inneminister weiderzeleeden:

*„No de rezenten Dispositioune betreffend d'staatlech Bäihëllefen un d'Gemengen am Beräich vun de kollektive Grondinfrastrukturen, gëtt de Bau an d'Erweiderung vu Grondschoulen am klassesche Schoulsystem duerch de Staat mat 70 % subventionéiert, wärend de Rescht vun de Käschte vun de concernéierte Gemenge gedroe muss ginn.*

*Gläichzäiteg gëtt de Bau vun ëffentlechen europäeschen oder internationale Grondschoulen integral vum Staat finanzéiert.*

*An deem Kader wollte mir dem Här Inneminister follgend Froe stellen:*

1. *Kann den Här Minister confirméieren, datt de Bau an d'Erweiderung vu kommunale Grondschoulen aktuell mat 70 % vum Staat subventionéiert ginn an datt déi reschtlech Käschte vun de Gemenge musse gedroe ginn?*
2. *Kann den Här Minister och confirméieren, datt déi finanziell Bedeelegung vum Staat um Bau oder der Erweiderung vun enger Grondschoulen just fir eng eenzeg Grondschoul pro Gemeng pro Legislaturperiod gëllt, an domat all weidere Bau oder Erweiderung vun enger weiderer Grondschoul vollëmfänglech vun de Gemengen finanzéiert musse ginn?*
3. *Op wéi enge gesetzlechen oder politesche Kritäre baséiert d'Decisioun, ëffentlech europäesch oder international Schoulinfrastrukturen integral duerch de Staat ze finanzéieren, wärend d'Gemengen sech beim Bau vu Schoulen am klassesche Schoulsystem weiderhin substantiell finanziell bedeelege mussen?*
4. *Ass den Här Minister der Meenung, datt dës ënnerschiddlech Finanzéierungsmodalitéite mat dem Grondsaz vun der Gläichbehandlung vun de Gemengen an den ëffentleche Schoulinfrastrukture vereinbar sinn?*

5. *Huet d'Regierung d'Intentioun, de Finanzéierungsregimm fir kommunal Schoulinfrastrukturen ze iwwerdenken, fir d'finanziell Belaaschtung vun de Gemenge beim Bau oder der Erweiderung vu Schoulen am klassesche Schoulsystem ze reduzéieren?"*

Mat déiwem Respekt,

Gilles BAUM
Deputéierten

Luc EMERING
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Gemeinsam Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, a vum Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch op d'parlamentaresch Fro n°4224 vum 10. Juni 2026 vum honorabelen Députéierten Gilles Baum a vum honorabelen Députéierten Luc Emering zum Sujet « Financement des écoles fondamentales ».**

**Fro 1) Kann den Här Minister confirméieren, datt de Bau an d'Erweiderung vu kommunale Grondschoulen aktuell mat 70 % vum Staat subventionéiert ginn an datt déi reschtlech Käschte vun de Gemenge musse gedroe ginn?**

Wat Subventioune fir kommunal Schoulen ugeet, präziséiert d'Circulaire 2025-054 vum 21 Juli 2025, datt den Inneministère des mat engem Taux vu 70% subventionéiert. Des Subventioun bezitt sech net nëmme méi op Klassesäll ma op all Säll déi fir de formalen Enseignement benotzt ginn. De Plafond ass vu 5.500 Euro op 8.000 Euro pro Meter carré eropgesat ginn.

**Fro 2) Kann den Här Minister och confirméieren, datt déi finanziell Bedeelegung vum Staat um Bau oder der Erweiderung vun enger Grondschoulen just fir eng eenzeg Grondschoul pro Gemeng pro Legislaturperiod gëllt, an domat all weidere Bau oder Erweiderung vun enger weiderer Grondschoul vollëmfänglech vun de Gemengen finanzéiert musse ginn?**

Fir Eenzelfäll an deenen eng Gemeng méi wéi eng kommunal Grondschoul wärend enger Legislaturperiod bauen oder erweidere muss, kann dat fir de Subsiden dee vum Inneministère virgesinn ass, vum Ministère zesumme mat der Gemeng analyséiert ginn an et besteet d'Méiglechkeet och e weidere Projet innerhalb vun der Legislaturperiod ze subventionéieren.

**Fro 3) Op wéi enge gesetzlechen oder politesche Kritäre baséiert d'Decisioun, ëffentlech europäesch oder international Schoulinfrastrukturen integral duerch de Staat ze finanzéieren, wärend d'Gemengen sech beim Bau vu Schoulen am klassesche Schoulsystem weiderhin substantiell finanziell bedeelege mussen?**

Déi ëffentlech europäesch an international Schoule ginn als national Schoulen organiséiert a falen domat an den direkte Verantwortungsberäich vum Staat. Aus deem Grond gëtt och d'Finanzéierung vun den Infrastrukturen integral vum Staat iwwerholl.
An der Reegel ginn dofir spezifesch gesetzlech Dispositioune gestëmmt, engersäits fir d'Schafung an d'Organisatioun vun der Schoul an anerersäits – wann de gesetzleche Seuil iwwerschratt gëtt – fir d'Finanzéierung vum Bauprojet.

**Fro 4) Ass den Här Minister der Meenung, datt dës ënnerschiddlech Finanzéierungsmodalitéite mat dem Grondsatz vun der Gläichbehandlung vun de Gemengen an den ëffentleche Schoulinfrastrukture vereinbar sinn?**

Mat der Reform vun de Subventioune vum Inneministère am Joer 2025 ass de Prinzip "En Awunner ass en Awunner, e Kand ass e Kand, egal a wat fir enger Gemeng ee wunnt oder an d'Schoul geet" agefouert ginn. No dësem Prinzip gëtt et deemno eng Gläichbehandlung vun de Gemenge wat d'Subside vum Inneministère fir déi kommunal Grondschoulen ugeet.

**Fro 5) Huet d'Regierung d'Intentioun, de Finanzéierungsregimm fir kommunal Schoulinfrastrukturen ze iwwerdenken, fir d'finanziell Belaaschtung vun de Gemenge beim Bau oder der Erweiderung vu Schoulen am klassesche Schoulsystem ze reduzéieren?**

Am Koalitiounsaccord vun der Regierung gouf festgehalen, dass d'Bauen an d'Erweiderung vu Schoul- an Accueil-Infrastrukturen eng Prioritéit ass.
De Finanzéierungsregimm fir kommunal Schoulinfrastrukturen ass, wei scho bei de Froen 1 an 2 ausgeluecht, vun dëser Regierung adaptéiert gi fir d'Gemengen finanziell ze entlaaschten. Eventuell weider Adaptatiounen un Hand vun de Besoinen um Terrain gi mat de concernéierten Acteuren analyséiert.

Lëtzebuerg, de 15. Juli 2026
Den Inneminister,
(s.) Léon GLODEN